N°306
Entrée le 20.01.2026
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Cliärref, den 20. Januar 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës mëndlech Fro un d'Madamm Transportminister weiderzeleeden.

Wéi kierzlech aus engem Zeitungsartikel ervirgoung, huet déi brasilianesch Loftfaartautoritéit ANAC fir bestëmmten Embraer-Modeller Startbeschränkunge bei Äisniwwel, ganz schlechter Siicht an niddregen Temperaturen agefouert, wat kuerz nom Asaz vun den neien E195-E2-Fligere bei Luxair Zweifel un der Flottewal ausgeléist huet.

D'Luxair weist d'Kritik zeréck a betount, datt et sech ëm e flächendeckend Industrieproblem bei Triebwierker vum Hiersteller Pratt & Whitney handelt an datt d'Aschränkunge weder ongewéinlech streng sinn nach d'Sécherheet oder déi grondleeënd Eegnung vun de Fligeren a Fro stellen.

Zu dësem Punkt wëll ech d'Madamm Transportminister befroen.

Mat déiwem Respekt,

Michel Lemaire
Deputéierten